

buat

02 2024

GEMENG
manternach



Kontakt

Secrétariat/Population / Etat Civil / Facturation	Recette Pit HOFFMANN Receveur communal Tél. : 71 01 72 – 22 recette@manternach.lu	Centre d'Incendie et de Secours Christian WEIS Chef de Centre Tél. : 49 77 1 – 45 76
Claire PIERRET Secrétariat/Etat Civil / Facturation Tél. : 71 01 72 – 27 secretariat@manternach.lu	Service technique Marc LOMMER Responsable service technique Tél. : 71 01 72 – 24	Service forestier Luc ROEDER Préposé forestier Tél. : 247 – 56 50 2 GSM : 621 202 133
Véronique THEWES Secrétariat/ Bureau de la Population Tél. : 71 01 72 – 21 population@manternach.lu	Ben THILL Responsable adjoint service technique Tél. : 71 01 72 – 26	Service technique / Centre de recyclage Tél. : 71 01 72 – 35
	Marc WANTZ Chargé technique Tél. : 71 01 72 – 25 technique@manternach.lu	

Eise Schäfferot



HOFFMANN Jean-Pierre
Bürgermeister/
Bourgmestre



THEISEN Claude
Schäffen / Échevin



KLEIN-UNGEHEUER Alix
Schäffin / Échevine

Adress

3, Kierchewee, L-6850 Manternach

Effnungszäite vun der Gemeng

Méindes, Dënsches an Donnesches :
08:30 – 11:30 a 14:00 – 16:00

Mëttwochs:
07:00 – 08:30 (just op Rendez-vous /
uniquement sur rendez-vous)
08:30 – 11:30

Freides:
08:30 – 11:30

Fannt eis och op : manternach.lu

Impressum

De Gemengebuet :
Offiziellt Informatiouns-Blat vun
der Gemeng Manternach

Editeur :
Schäfferot vun der
Gemeng Manternach

Layout / Mise en page :
Marc Wilmes Design

Fotoen / Photos :
© Photoclub Mandiac
Edy Frieres

Drock / Impression :
Imprimerie Reka
L – 4835 Ehlerange

Oplag / Tirage : 800
N°2/2024

**Redaktiouunsschluss /
Clôture de la rédaction :**
04.07.2024



Made in Luxembourg

KlimaPakt | DUURZAAM
DUURZAAM
DUURZAAM



The mark of
responsible forestry
FSC® C008732

PRINTED IN
LUXEMBOURG



01

D'Liewen an der Gemeng

Holzstee	11
1. Mee	12
Fréijoersmaart	14
1km Maart	16
Nopeschfest	18
Nuit du sport	20
Nationalfeierdag	22

02

02

D'Aktualitéiten

Schéckiwwerreeschung "Rêve du Petit Prince"	27
Excellent Leeschungen am Sport	28
"Les rues au féminin"	30
Chantieren	31
Semaines de la santé mentale	35
Muselheem -Behandlungs a Berodungszenter	36
Stëftung Hëllef Doheem	37
Repas sur Roues	38
EBL	39
Babysitter/Nohëllef	40
Erinnerung an alle Hundebesitzer	41
Klima Agence	42
Elektronesch Rechnung an Domiciliatioun	43
Police Lëtzebuerg	44

03

De Réckbléck

En däitschen Ausseposten zu Mënjecker
géint e Platoon Sherman Panzeren



De Klaatsch & Traatsch

État civil	53
Agenda	54
A Wiewesch	56
SIAS	58
Club Muselheem	59



Den Zäitverdreib

Zaloten-Teller	63
Mein kleiner grüner Kaktus	63



De Raider

Gemengerotssëtzung 20.03.2024	65
Gemengerotssëtzung 08.05.2024	72
Gemengerotssëtzung 24.05.2024	80
Foto vum Mount	83



Virwuer vum Buergermeeschter



Préface par Monsieur le Bourgmestre

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

An dësem Buet gi mir erëm op déi vill Evenementer an eiser Gemeng aus de leschte Wochen an. Ech soen dofir alle Bedeelegten e grousse Merci fir déi fantastesch Aarbecht, déi si am Sënn vun engem attraktiven an interessantem Duerfliwe leeschten. E ganz besonnesche Merci geet un all d'Benevollen aus eise Veräiner, déi bei de sëllege Manifestatiounen, wéi z.Bsp. der Nuit du Sport hëlfen. Ouni si wär villes net méiglech.

Dès Saison huet sech eis Gemeng dann, alt erëm, um sportlechen Niveau, e groussen Numm gemaach. Eisen Dësch-Tennis Berbuerg huet de Championstitel némme ganz knapp a ganz onglécklech verpasst. A ganz serréierten, a vum Niveau hir exzellente Matcher, konnte si ganz vill Zuschauer begeeschteren. Ech sinn iwwerzeegt, dass si och an Zukunft

Chères citoyennes et citoyens,

Dans ce Buet, nous revenons sur les nombreux événements de notre commune des dernières semaines. Je remercie tous les participants pour leur travail fantastique en faveur d'une vie de village attrayante et intéressante. Un grand Merci tout particulièrement aux bénévoles de nos associations, qui aident lors de nombreuses manifestations, telles que la Nuit du Sport. Sans eux, beaucoup de choses ne seraient pas possibles.

Cette saison, notre commune s'est encore une fois distinguée au niveau sportif. Notre club de tennis de table DT Berbuerg a raté de peu et malheureusement le titre du Champion de Luxembourg. Dans des matchs très serrés et de niveau excellent, ils ont su enthousiasmer de nombreux spectateurs. Je suis convaincu qu'ils feront encore beaucoup parler d'eux à l'avenir, et pourquoi ne pas décrocher le titre de champion l'année

‘’

**E ganz besonnesche
Merci geet un all
d'Benevollen aus
eise Veräiner,
déi bei de sellege
Manifestatiounen,
wéi z.Bsp. der Nuit
du Sport héllefen.**

nach vill vu sech Riede wäerte maachen, a firwat soll et d'nächst Joer net duergoe fir de Championstitel? Hannert der Equipe mam Michael, dem Leandro, dem David an dem Tom steet awer e ganze Veräi mat engem staarke Comité, mam President Fränz Schmit un der Spëtzt. Si sinn et, déi dagdeeglech hir Fräizäit afferen, fir fir de Veräin ze schaffen an doduerch e groussen Undeel un dësem eenzegaartegem Succès hunn. Hinnen e grousse Merci.

Dat selwecht gëllt fir eise lokale Fussballsveräin, den F.C. Berdenia Berbuerg. D'Equipe vum Josef Cinar huet et an enger grandioser Réckkronn fäerdeg bruecht, d'Klass ze halen an dat obwuel een an der Wanterpaus op der leschter Plaz stoung. Och dofir e grousse Respekt. Merci alle Benevollen am Veräin déi hannert de Kulisse vill Aarbecht leeschten, Merci och dem Comité mam President Raoul Schummer, déi de Veräin op eng exemplaresch Manéier leeden.

Et ass net selbstverständlich als kleng Landgemeng zwee sportlech esou staark Veräiner, déi stellvertriedend fir all eis immens engagéiert Veräiner an der Gemeng stinn, ze hunn. Wéi eng kleng Gemeng ka scho vun sech behaapten, e Veräin an der Nationaldivisioun an een an der Éierepromotioun ze hunn? Si, wéi all déi aner Veräiner och, representéieren eis Gemeng exzellent no baussen. De Schäffens- a Gemengerot ass houfreg op dës exzellent Leeschtungen. D'Veräiner sinn elementar fir déi sozial Cohésion, d'Integratioun vun neie

prochaine ? Derrière l'équipe composée de Michael, Leandro, David et Tom, il y a tout un club avec un comité fort, présidé par Fränz Schmit. Ce sont eux qui sacrifient quotidiennement leur temps libre pour travailler pour le club et qui ont donc une grande part dans ce succès unique. Un grand merci à eux.

Cela vaut également pour notre club de football local, le F.C. Berdenia Berbuerg. L'équipe de Josef Cinar a réussi à se maintenir dans une seconde moitié de saison grandiose, bien qu'ils étaient en dernière position à la pause hivernale. Un grand respect pour cela aussi. Merci à tous les bénévoles du club qui travaillent beaucoup dans les coulisses, merci également au comité présidé par Raoul Schummer, qui dirige le club de manière exemplaire.

Ce n'est pas évident pour une petite commune rurale d'avoir deux clubs sportifs aussi forts, qui représentent tous nos clubs très engagés dans la commune. Quelle petite commune peut déjà se vanter d'avoir un club en division nationale et un autre en promotion d'honneur ? Ils représentent notre commune de manière excellente à l'extérieur. Le collège échevinal et le conseil communal sont fiers de ces excellentes performances. Les clubs sont essentiels pour la cohésion sociale, l'intégration de nouveaux concitoyens et la promotion de notre jeunesse. C'est pourquoi, comme ces dernières années, la commune continuera de soutenir tous nos clubs autant que possible. Ces dernières années, nous avons continuellement augmenté

Matbierger an d'Förderung vun eiser Jugend. Dofir, a wéi schonn an de leschte Joren, wäert d'Gemeng all eis Veräiner sou wäit et geet énnerstëtzen. Mir hunn an de leschte Joren d'Subside kontinuéierlech erhéicht an dobäi méi e groussen Akzent op d'Jugendaarbecht an de Veräiner gesat. Et ass eis immens wichteg, dass d'Kanner vill Méiglechkeiten hunn, fir hir Fräizäit ze verbréngen an dobäi och vu guddem Personal encadréiert ginn. Mir wäerten dës Efforten an Zukunft weider intensivéieren. De Veräiner Merci, dass si an de leschte Joren d'Jugendaarbecht weider konsequent ausgebaut hunn. Ech sinn iwwerzeugt, dass si an Zukunft dovu wäerte profitéieren.

E weidere Volet sinn d'Sportsinfrastrukturen, an déi och an de leschte Jore vill investéiert ginn ass. Dat wäert och an Zukunft sou bleiwen. Am permanenten Echange mat de Responsable gi mir gewuer, wou de Schong dréckt a versichen, gemeinsam Lésions ze fannen.

**Ech wünschen lech vill Freed bei Liesen an Duerchkucke vum zweete Buet am Joer 2024. Wann dir Froen oder Suggestiounen hutt, kennt dir mir gäre schreiwen:
jean-pierre.hoffmann@manternach.lu, oder e Rendez-vous bei mir op der Gemeng froen.**

les subventions en mettant davantage l'accent sur le travail auprès des jeunes dans les clubs. Il nous tient à cœur que les enfants aient de nombreuses possibilités pour passer leur temps libre et qu'ils soient encadrés par un personnel compétent. Nous intensifierons ces efforts à l'avenir. Merci aux clubs d'avoir continué à développer de manière conséquente le travail avec les jeunes ces dernières années. Je suis convaincu qu'ils en bénéficieront à l'avenir.

Un autre volet concerne les infrastructures sportives, dans lesquelles beaucoup a également été investi ces dernières années. Cela restera le cas à l'avenir. Dans un échange permanent avec les responsables, nous découvrons où le bâti blesse et essayons de trouver des solutions ensemble.

Je vous souhaite beaucoup de plaisir à lire et à parcourir ce deuxième bulletin de l'année 2024. Si vous avez des questions ou des suggestions, vous pouvez m'écrire à l'adresse suivante : jean-pierre.hoffmann@manternach.lu, ou demander un rendez-vous à la mairie.

**Jempi Hoffmann
Buergermeeschter / Bourgmestre**

Berbuerger

1. Campus Renert
2. Centre Beaurepaire
3. Atelier Communal
4. Dépôt communal
5. CIPA Haptmanns Schlass
6. Spillplaz Renert
7. Spillplaz Nicolas Wagner
8. Spillplaz Steekaul
9. Spillplaz Schoulstrooss

Lelliger

1. Centre Kräizstrooss
2. Spillplaz a Fol

Manternacher

1. D'Gemeng Manternach
2. De Centre Fiisschen
3. D'Gare
4. Spillplaz Fiisschen
5. Spillplaz Saint Désert
6. Multisport
7. Centre d'accueil A Wiewesch
8. Départ Traumschleife

Münschecker

1. Centre Kueb
2. Spillplaz Groesteen

D'Liewen an der Gemeng

Holzstee



Vente aux enchères de bois

De 27. Abrëll 2024 war zu Berbuerg déi traditionell Holzstee.

En date du 27 avril 2024 la traditionnelle vente aux enchères de bois s'est tenue à Berbourg.



1. Mee

1. Mee Feieren an der Gemeng Manternach

Manternach



Berbuerg



Mönjecker





Fréijoersmaart

zu Manternach "A Wiewesch"



De Fréijoersmaart a Wiewesch, deen dëst Joer de 5. Mee stattfonnt huet, war nees e groussen Erfolleg. Vill Leit haten de Wee a Wiewesch fonnt a konnte bei guddem Wieder déi flott Stänn mat regionale Produiten entdecken a bei flotten Aktivitéite matmaachen.

Le marché printanier A Wiewesch, qui a eu lieu cette année le 5 mai, a de nouveau été un grand succès. De nombreux visiteurs ont trouvé le chemin à Wiewesch et ont pu découvrir les stands attrayants de produits régionaux et participer à des activités amusantes sous un beau temps.





Wantermaart

marché d'hiver


Save the date

De Wantermaart ass den :

13.12.2024

vun 10 bis 17 Auer

Manternach
"A Wiewesch"
↗






**26 Mee 2024
— 1km Maart —**



Berbuerger Schullstrooss



Nopeschfest

Berbuerg
Keiwee



Berbuerg
rue Nicolas Wagner



La fête des voisins

Berbuerg
Steekaul



Manternach
op der Olek



Manternach
Syr dallstrooss



Manternach
A Feeschtesch



Merci der Jugend- a
Sportskommissioun vun
der Gemeng Manternach
fir d'Organisatioun vun
dësem flotte Fest.

NUIT DU SPORT

08.06.2024





Merci de Veräiner déi matgemaach hunn !



Nationalfeierdag

2024



Gudden Owend op de Festivitéiten um Virowend vun
Nationalfeierdag hei zu Berbuerg,

Léif Invitéen, ech begréissen lech allegueren d'Matbiergerinnen
a Matbierger aus der Gemeng Manternach.



Ech si frou lech allegueren hei am Beaurepaire fir eis Festivitéiten am Kader vum Nationalfeierdag begréissen ze kennen. Dësen Dag ass a bleift ee vun de ganz wichtegen am Kalenner vun alle Biergerinnen a Bierger aus eisem schéine Land, eiser Heemecht, Lëtzebuerg. Mir feieren haut net just eis Verbonnenheet, mee och eisen Houfert, déi mir par Rapport zu eisem Heemechtsland, mee der groussherzoglecher Famill verspieren. De Grand-Duc a seng Famill stinn exemplaresch fir d'Unitéit vun eisem Land, vertrieben eis no baussen a suergen net just duerch hir Präsenz fir den Zesummenhalt bei eis am Land. Si sinn d'Symbol vum Mateneen, der Solidaritéit an dem géigesäitege Respekt hei am Land.

Mir sollten eis alleguer permanent, a besonnesch haut den Owend, virun Aen halen, wat fir eng Chance mir hunn, an engem Land wéi Lëtzebuerg liewen ze dierfen. Net just dass hei d'Fräiheit, de Fridden an d'Demokratie eng quasi Selbstverständlichkeit sinn, nee mir liewen hei, zum groussen Deel, a sozialem Wuelstand a Sécherheet. Mir sollten émmer bedenken, dass all dat eben net selbstverständlich ass. Ganz vill Leit op der Welt wiere frou, an dése Konditiounen liewen ze kennen. Däers si sech leider ganz vill vun eise Matbiergerinnen a Matbierger net émmer bewosst. Hautdesdaags liewen net mol d'Hallschent vun der Weltbevölkerung an engem demokratesche System. An enger vollwäerteger Demokratie, wéi mir se kennen, wou déi individuell Fräiheit, d'Meenungsfräiheit an d'Rechter vun de Leit net vum Staat ageschränkt sinn, liewe momentan émmer manner Mënschen op der Welt. Et ginn émmer méi autoritär Staaten, an deenen Fräiheete wéi déi vun der Presse oder der Expression net respektéiert ginn. D'Gewaltentrennung nom Montesquieu ass oft net méi respektéiert. Dës Zuelen an Entwécklunge sinn immens alarmant a weisen eis gläichzäiteg, dass mir haut ganz besonnesch eis Demokratie, eis Fräiheeten an eise Fridde solle an den héchsten Eieren halen. Och d'Toleranz an de Respekt vis-à-vis vun all eis Matbiergerinnen a Matbierger, egal wéi eng Relioun, wéi eng Hautfaarf, wéi eng sexuell Orientéierung se hunn, sollte mir weider als e wichtegt Element vun eiser politescher Kultur vum Mateneen ugesinn. All dës Messagë sollte mir och eise Kanner mat op de Wee ginn.



Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Och dat, genau wéi alles wat ech schonn ugeschwat hunn, ass keng Selbstverständlichkeit a keen Acquis. E berüümten Zitat seet: „Demokratie ass keng Selbstverständlichkeit, mee eng Aufgab.“ A genau sou sollte mir et och Dag fir Dag gesinn. De Fait dass mir all puer Joer hei am Land können eis Representanten am Gemengerot, an der Chamber oder am Europaparlament wiele, sollte mir net als lästeg Pflicht ugesinn, mee als eng Chance, déi sech eis bitt, fir d’Zukunft vun eiser Gemeng, eisem Land an Europa matzegestalten. Jo, d’Demokratie an déi ganz Diskussiounen a politesch Streidereien können ustregend sinn, mee et lount sech definitiv dofir anzestoen, well d’Demokratie ass een zentrale Baustee vun eiser Fräiheit an eisem Fridden. Well hei am Land ginn och aner Meenunge respektéiert, an och dat ass net evident. Wann ee gesät, wéi beispillsweis a Russland Leit verfollegt ginn, déi net mam Diktator Putin senger Politik averstane sinn, kann et engem elle ginn. De fréiere brittesche Premier Winston Churchill sot eng Kéier, dass d’Demokratie déi schlechtste Staatsform ass, ausgeholl vun allen aneren, déi et op der Welt ginn. Dëst Zitat verdäitlecht ganz gutt, dass et kee perfekte System gëtt, mee mir nach èmmer am bescht Méigleche liewen.

Dass mir an engem Staat liewen, den eis Reegelen a Gesetzer schaft, déi fir jiddereen d’Selwecht gëllen a wou jidderee gläich behandelt gëtt, ass e Privileeg, dee vill Leit op dëser Welt gäre mat eis gemeinsam hätten. De Respekt vum Rechtsstaat, ass och a ganz ville Länner leider net méi ginn, an och wann een heiansdo mengt, de Rechtsstaat géing eis aschränken, sou bitt hien an éischter Linn e legale Kader mat Reegelen, déi fir Jidderee gläich sinn.

De Fridden dee mir hei am Land an Europa hinn, ass keen Acquis, mee eppes, woufir mir eis all Dag müssen asetzen. D’EU ass net do fir de Leit Virschrëften ze maachen, mee ass an éischter Linn e Friddensprojet, den sech säit Joerzéngten als ganz resilient weist. Wéi vulnerabel dëse Fridden awer gläichzäiteg ka sinn, weist sech och op der Grenz zu der EU, mat dem onnéidege Krich an der Ukrain, wou vill Leit an humanitär grausamen Zoustänn liewen. Dat selwecht gëllt fir d’Situatioun am Gaza-Sträif, wou sech de Konflikt èmmer méi zouspëtz an èmmer méi onschëllleg Affer fuerdert. Wann mir op dës Kricher, an nach vill anerer an der Welt kucken, sollte mir erkennen, wéi gutt mir et hei am Land hinn. Mir sollten och erkennen, dass et eis Pflicht, och als klengt Land ass, dëse Leit ze hëllef, sou weit eis eis Méiglechkeeten dat erlagen.



All dës Wärter a Verdéngschter, op déi ech kuerz agaange sinn, si ganz enk mam Grand-Duc a senger Famill verbonnen. Hien a seng Famill sinn e Garant dofir. Aus dem Grond si mir hinne ganz besonnesch dankbar an éieren si haut op dësem wichtegen Dag. Mir soen hinne Merci, fir alles, wat si fir eist Land maachen a soe Merci fir déi Chance, hei können an enger fräier Demokratie ze liewen.



Ech wöll vun der Geleeënheet profitéieren an e puer weider Mercien lassginn: de Berbuerger Veräiner, déi den Owend hei engagéiert sinn, dem Lelleg-Manternacher Gesank fir d'Sangen um te deum, dem Här Dechant, de Vertrieder vum CIS Manternach fir hiren Asaz dat ganzt Joer iwwer, der Bech-Berbuerger Musek fir de musikaleschen Encadrement haut den Owend, der Entente vu Berburg fir d'Koordinatioun vun de Festivitéiten, dem ganze Personal vun der Gemeng fir déi gutt Zesummenaarbecht, an zu gudden Lescht och dem neie Schäffen- a Gemengerot fir déi gutt Zesummenaarbecht an eisem éische Joer.

Ech wünschen lech alleguer, Äre Familljen an och därt grousser Famill, déi mir Lëtzebuerg nennen, ee schéinen an erhuelser Nationalfeierdag!



**Vive eisen Nationalfeierdag!
Vive de Grand-Duc Henri an déi ganz groussherzoglech Famill!
A Vive eist Land!**

Ech soen lech Merci fir Opmierksamkeet an invitéeieren lech op den Éierewäin!





D'Aktualitéiten



Schéckiwwerreeschung "Rêve du Petit Prince"



Wéi all Joers hat d'Seniorekommissioun vun der Gemeng Manternach op hirer Adventsfeier eng Quête organiséiert an dés Kéier beschloss, den Erléiss un d'Associatioun "Le Rêve du Petit Prince" ze spenden. De Gemengerot huet uschléissend decidéiert, de Montant ze verduebelen a sou konnt den **Här Buergermeeschter Jempi Hoffmann** den 20. Mäerz 2024 e Chèque vun 3.746.- Euro un d'Associatioun iwverreechen.

La Commission des Seniors de la commune de Manternach organise chaque année une collecte lors de leur fête de l'Avent, et cette fois-ci, elle a décidé de faire don des bénéfices à l'Association « Le Rêve du Petit Prince ». Le conseil communal a ensuite décidé de doubler le montant, et ainsi Monsieur le Bourgmestre, Jempi Hoffmann, a remis le 20 mars 2024 un chèque de 3 746 euros à l'association.



Excellent Leeschtungen am Sport

Excellent performances en sport

Den DT Berbuerg stoung no enger perfekter Saison 2023/2024 an der Finall vum Championnat am Dëschtennis. Nodeems si sech an der 1. Finall mat 6-3 virun eegenem Publikum zu Berbuerg géint Hueschtert-Folscht duerchgesat hunn, konnte si déi 2. Finall net fir sech entscheeden an hunn sech leider misste mat engem ganz knappe Resultat am Golden Match geschloe ginn.

Mir gratuléieren dem Michael, dem David, dem Leandro, dem Tom an natierlech dem ganze Veräin zum Vize-Champions-Titel.

Le DT Berbourg a atteint la finale du championnat de tennis de table après une saison parfaite en 2023/2024. Après avoir remporté la première finale 6-3 à domicile contre Hostert-Folschette, ils n'ont pas pu s'imposer lors de la deuxième finale et ont malheureusement dû s'incliner lors du Golden Match.

Nous félicitons Michael, David, Leandro, Tom et bien sûr tout le club pour leur titre de Vice-champion du Luxembourg.





Den **FC Berdenia Berbuerg** huet no der Wanterpaus leider misste vun der leschter Plaz an d'Reckronn vun der Éierepromotioun starten. Trotz dése schlechte Viraussetzungen huet d'Equipe vum Trainer Josef Cinar et fäerdegt bruecht sech Match fir Match nees no vir ze schaffen a beim leschten Heemmatch géint Weiler-la-Tour de Klassenerhalt ze packen.

Gratulatioun och u si!

*Le **FC Berdenia Berbourg** a malheureusement dû commencer la deuxième moitié de la saison de la Promotion d'Honneur en dernière position après la pause hivernale. Malgré ces conditions défavorables, l'équipe de l'entraîneur Josef Cinar a réussi à remonter match après match et à assurer le maintien de classe lors du dernier match à domicile contre Weiler-la-Tour.*

Félicitations à eux aussi!



"Les rues au féminin"



D'Gemeng Manternach huet vum **8. bis den 31. Mäerz 2024**, am Kader vum **Internationalen Dag vun de Fraen** bei der Aktioun "Affichons l'Egalité" vum CFNL an dem Syvicol matgemaach. Bei déser Aktioun hu verschidde Stroosse, Plaazen oder Citéén e symboleschen Numm kritt, fir dëse besonnesche Fraen ze gedenken.

Du 8 au 31 mars 2024, à l'occasion de la Journée internationale des femmes la Commune de Manternach a participé à l'action « Affichons l'Egalité » du CNFL et du Syvicol. Un certain nombre de rues, places ou cités ont été renommées avec des dénominations symboliques, afin d'honorer ces femmes méritantes.

www.rues-au-feminin.lu



Chantieren



Visitt vum Chantier CIS

Visite du chantier CIS

Den 10 Mee 2024 ass mam Gemengerot, mat Vertrieder vum CGDIS an CIS Manternach eng Visitt vum Chantier fir de neie Pompjeesbau gemaach ginn.

D'Aarbechte ginn trotz dem schlechte Wieder gutt virun a mir leie gutt am Zäitplang.

Als nächst gëtt den Daach vun der Hal gemaach, parallel dozou ginn d'Reseue ronderëm de Pompjeesbau geluecht. Zu de Reseue gehéiert och d'Nahwärmennetz wat spéider de Pompjeesbau wéi och de Site vum SYNECOSPORT hëtzt.

Dono ginn déi technesch Installatiounen wéi Elektresch, Sanitär a Lüftung installéiert.

Le 10 mai 2024, une visite du chantier de la nouvelle construction du hall des pompiers a été effectuée avec le conseil communal, des représentants du CGDIS et du CIS Manternach.

Les travaux avancent bien malgré le mauvais temps et on est bien dans les délais.

Prochainement, le toit sera réalisé, parallèlement les réseaux enterrés seront posés. Les réseaux incluent le réseau urbain de chauffage qui chauffera plus tard le hall des pompiers ainsi que le site du SYNECOSPORT.

Ensuite, les installations techniques telles que l'électricité, sanitaire et la ventilation seront installées.



Aktuelles vum Chantier vun der neier Crèche zu Manternach

Actualités du chantier de la nouvelle crèche à Manternach

D'Aarbechte fir de Chantier vun der neier Crèche zu Manternach hunn am **Mäerz 2024** ugefaangen. D'Bauzäit ass mat ca. 2 Joer virgesinn.

Een Deel vun der aler Gemeng ass zeréck gebaut ginn an den Terrassement fir déi nei Crèche ass zum Deel realiséiert. D'Pieuxen vum Verbau si beim neie Parking an am Beräich vum neie Gebai vun der Crèche gebuert.

Am Beräich vun der Entrée vum Centre Culturel Fiisschen konnten d'Pieuxen nach net gebuert ginn, well mir do op ee Schutzrouer aus Asbest gestouss sinn, dee fir d'éischt muss entsuergt ginn.

An der lechternacherstrooss si Reseaue fonnt ginn, déi am Virfeld net bekannt waren. Dofir kënnen d'Aarbechten och do net weider goen.

Wann déi 2 Punkte gekläert sinn, geet et mat den Aarbechten an der Strooss weider, wou Reewaasser a Schmotzwaasser vum Site vun der neier Crèche an der Strooss ugeschloss ginn. Parallel dozou gëtt den Nahwärmereseau vun der Crèche bis an d'Strooss "An der Hiel" geluecht.

*Les travaux pour le chantier de la nouvelle crèche à Manternach ont commencé en **mars 2024**. La durée des travaux est prévue pour environ 2 ans.*

Une partie de l'ancienne mairie a été démolie et le terrassement pour la nouvelle crèche est partiellement réalisé. Les pieux de soutènement ont été forés au niveau du nouveau parking et de la nouvelle construction de la crèche.

Au niveau de l'entrée du Centre Culturel Fiisschen, les pieux n'ont pas encore pu être forés, car on a trouvé un tuyau de protection en amiante, qui doit d'abord être éliminé.

Dans l'lechternacherstrooss, des réseaux inconnus ont été trouvés. Par conséquent, les travaux ne peuvent pas continuer à cet endroit.

Une fois ces deux points résolus, les travaux dans la rue reprendront, où les eaux pluviales et les eaux usées du site de la nouvelle crèche seront raccordées à la rue. Parallèlement, le réseau urbain den chauffage de la crèche sera posé jusqu'à la rue « An der Hiel ».



Mise en conformité vum Zebrasträifen an der Schullstrooss zu Berbuerg

Mise en conformité du passage piéton dans la Schullstrooss à Berbourg


Den Zebrasträifen an der Schullstrooss zu Berbuerg op der Kräizung mam Hierberwee ass konform gesat ginn.



Den Zebrasträifen ass méi no un d'Kräizung ugeréckt ginn a kritt eng Beliichtung souwéi eng Bande de guidage tactile fir PMR.

Le passage piéton dans la Schullstrooss à Berbourg, au croisement avec la Hierberwee, a été mis en conformité.

Le passage piéton a été rapproché du croisement et sera équipé d'un éclairage ainsi que d'une bande de guidage tactile pour les PMR.



Neien Tapis an der Schullstrooss zu Berbuerg

Nouveau revêtement dans la Schullstrooss à Berbourg



Den 29. an 30. Mee ass vun der Ponts et Chaussées en neien Tapis an der Schullstrooss vum Zebrasträife bei der Schoul bis op d'Kräizung mam Hierberwee gemaach ginn.

An deem Kontext gëtt och nach e Veloswee agezeechent.

Les 29 et 30 mai 2024, un nouveau revêtement a été posé par les Ponts et Chaussées dans la Schullstrooss, depuis le passage piéton près de l'école jusqu'au croisement avec la rue Hierberwee.


Dans ce contexte, une piste cyclable sera marquée.

Neien Tapis - Däichwee zu Manternach


Nouveau revêtement Däichwee à Manternach



Am Däichwee zu Manternach ass en neie Schwaarzbelaag agebaut ginn. Fir d'Belichtung an der Strooss ze optiméiere sinn och nach zwou nei Stroosseleuchte gesat ginn.



Le Däichwee à Manternach, a reçu un nouveau revêtement noir. Pour optimiser l'éclairage dans la rue, deux nouveaux lampadaires ont été ajoutés.



Neie Belag vum Foussgänger-Wee, Kierch zu Berbuerg

Nouveau revêtement du chemin piétonnier à Berbourg



Zu Berbuerg ass de Belag nei gemaach ginn vum Foussgänger-Wee deen d'Verbindung vun hannert der Kierch op de Kelterbierg mécht.

A Berbourg, le revêtement du chemin piétonnier qui relie l'arrière de l'église au Kelterbierg a été rénové.

Le Luxembourg se mobilise pour la santé mentale !

Tel est le mot d'ordre des semaines de la santé mentale organisées tous les deux ans depuis 2018 par la Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale (D'Ligue) et son Centre d'Information et de Prévention.

La 4^e édition des semaines aura lieu du 7 au 20 octobre 2024 avec pour thème la santé mentale des enfants et des jeunes :

« Soutenir les jeunes, construire l'avenir »

Que vous soyez une association, une école, une entreprise, une institution culturelle ou une personne engagée, vous pouvez devenir partenaire en organisant votre propre action et en la soumettant sur

www.semainesantementale.lu.

N'hésitez pas à nous contacter pour de plus amples informations, d'éventuelles questions ou des conseils. Nous nous ferons un plaisir de vous conseiller dans la réalisation de votre projet.

7. – 20. Oktober 2024

semaines de la santé *mentale*

**Déi Jonk stäerken,
d'Zukunft gestalten.**

semainesantementale.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale
Direction de la Santé

Plan National
Santé Mentale
Luxembourg

Sante 2021/21

Muselheem – Behandlungs a Berodungszenter



Sie suchen nach erstklassiger Krankenpflege oder möchten sich in einer einladenden und professionellen Umgebung beraten lassen?

DANN SIND SIE BEI UNS GENAU RICHTIG!



Beratungsangebote zu Gesundheitlichen Themen

Unser Team steht ganz zu Ihrer Verfügung, um alle Fragen zu Ihrer Gesundheit zu beantworten.



Professionelle Krankenpflege

Unsere kompetenten und aufmerksamen Pflegefachkräfte begleiten Sie bis zu Ihrer Genesung.



Verbände und Erste-Hilfe-Maßnahmen

Ob kleinere oder ernstere Verletzungen – unser Team sorgt in jedem Fall für Ihre fachgerechte medizinische Versorgung.



Gesundheits-Check

Lassen Sie Ihren Gesundheitszustand regelmäßig überprüfen, um Problemen vorzubeugen und Ihr Wohlbefinden langfristig zu erhalten.



Blutentnahme und -analyse vor Ort:

Nutzen Sie unseren hauseigenen Labordienst, um schnelle und exakte Ergebnisse zu erhalten.

help
All Dag ass e gudden Dag



Und darüber hinaus ...

- Ein offenes Ohr für Ihre Fragen und eine Verweisung an kompetente Stellen
- Hilfe bei den Formalitäten für **Ihren Antrag auf Leistungen aus der Pflegeversicherung** oder beim Ausfüllen sonstiger Formulare und Dokumente
- Informationen über Möglichkeiten der **sozialen Unterstützung**
- Eine Tür zu allen anderen Aktivitäten des **Luxemburger Roten Kreuzes**

**Alle stärken des Muselheem –
zu Ihren Diensten...**

- ein interdisziplinäres Team aus Gesundheitsexperten
- moderne und angenehme Einrichtung
- eine Pflege, die den Patienten in den Mittelpunkt stellt

Wie finden Sie uns?

12, Rue St Martin,
L-6635 Wasserbillig

Tél.: 26 70 26

Mail.: croix-rouge@help.lu

Von Montag bis Freitag
von 6 Uhr bis 11 Uhr



Stëftung Hëllef Doheem

"Mënschlech a kompetent"

Mit unserem häuslichen Pflegedienst in der Gemeinde Manternach durch den wir bereits seit über 20 Jahren den Einwohner*innen unsere Dienste anbieten, können wir auf eine lange und enge Zusammenarbeit mit der Gemeinde Manternach zurückblicken.

Unser Hauptanliegen ist es, dass Sie als Einwohner*innen der Gemeinde Manternach so lange wie möglich in Ihrer gewohnten häuslichen Umgebung bleiben können.

Um Sie in Ihrem Alltag bestmöglich unterstützen zu können bieten wir die unterschiedlichsten Hilfen und Pflegeleistungen an:

- **Unterstützung bei der Körperpflege und beim Essen**
- **Durchführung ärztlicher Verordnungen wie z.B. Verbände und Spritzen**
- **Unterstützung im Haushalt wie z.B. Putzen, Einkäufe erledigen, Wäschedienst**
- **Sicherheit im häuslichen Umfeld durch unseren Telealarm**
- **Begleitung beispielsweise beim Einkaufen oder für Arztbesuche**
- **Individuelle Betreuung bei Ihnen zu Hause**

Die unterschiedlichen Leistungen werden im Rahmen der Pflegeversicherung, der Gesundheitskasse und/oder in Eigenbeteiligung angeboten.

Um Ihre konkrete Anfrage zu den benötigten Pflege- und Hilfsleistungen zu erfahren, können Sie uns gerne von montags bis freitags zwischen 8:00 und 17:00 Uhr in unserem Pflegezentrum in Grevenmacher unter der Telefonnummer: 402080-3100 anrufen.

Wir sind auch immer außerhalb der Bürozeiten für Sie unter der bekannten Telefonnummer 402080-3100 erreichbar. Ihr Anliegen wird dann von Sécher Doheem entgegengenommen und an unser Pflegezentrum weitergeleitet. Wir melden uns danach schnellstmöglich bei Ihnen zurück.

Wir freuen uns auf Sie!

Die Stëftung Hëllef Doheem ist seit 1999 ein verlässlicher Partner an Ihrer Seite.

#aguddenhänn

Avec notre service d'aides et de soins à domicile de Manternach, qui offre ses services aux habitants depuis plus de 20 ans, nous pouvons nous targuer d'une longue et étroite collaboration avec la Commune de Manternach.

Notre objectif principal est de vous permettre, en tant qu'habitant(e)s de la Commune de Manternach, de rester le plus longtemps possible chez vous.

Afin de vous soutenir au mieux dans votre quotidien, nous vous proposons les aides et les soins les plus divers :

- **Assistance pour les soins corporels et les repas**
- **Exécution de prescriptions médicales telles que pansements et injections**
- **Soutien dans les tâches ménagères telles que le nettoyage, les courses, la lessive**
- **Sécurité dans l'environnement domestique grâce à notre téléalarme**
- **Accompagnement, par exemple pour les courses ou les visites chez un médecin**
- **Encadrement individuel à votre domicile**

Les différentes prestations sont proposées dans le cadre de l'assurance dépendance, de la caisse de santé et/ou via un cofinancement propre.

Pour discuter votre demande concrète concernant les soins et l'aide dont vous avez besoin, n'hésitez pas à nous appeler du lundi au vendredi de 8h00 à 17h00 dans notre centre de soins à Grevenmacher au numéro de téléphone suivant : 402080-3100.

Vous pouvez également nous joindre en dehors des heures de bureau au numéro de téléphone 402080-3100. Votre demande sera alors prise en charge par Sécher Doheem et transmise à notre centre de soins. Nous vous recontacterons ensuite dans les plus brefs délais.

Nous nous réjouissons de vous accueillir !

La Stëftung Hëllef Doheem est un partenaire fiable à vos côtés depuis 1999.

#aguddenhänn

Repas sur Roues

D'Gemeng Manternach an Zesummenarbecht mat SERVIOR offréiert de Service "Repas sur Roues" fir d'Awunner iwwer 60 Joer oder Leit mat engem Handicap.

E MENU KASCHT 12,50€

Wann Dir interesséiert sidd, fir iech fir de Service unzemellen oder gär méi Informatioune hätt, da kënnst Dir lech am Sekretariat vun der Gemeng mellen.

Tél.: 71 01 72 – 27 ou 71 01 72 – 23



[manternach.lu/vie-sociale/3e-age/
repas-sur-roues/](http://manternach.lu/vie-sociale/3e-age/repas-sur-roues/)

La commune de Manternach en collaboration avec SERVIOR offre un service « Repas sur roues » aux personnes âgées de 60 ans et plus, ainsi qu'à celles atteintes d'un handicap.

LE TARIF POUR UN MENU EST FIXÉ À 12,50€

Si vous êtes intéressé à bénéficier du service proposé, ou pour obtenir des informations supplémentaires, veuillez contacter le secrétariat communal.

Tél. : 71 01 72 – 27 ou 71 01 72 – 23



LIEWENSQUALITÉIT AM NATURNOE GAART!



MÄI GAART VU GËSCHTER

DEIER



D'Gestaltung, d'Planzen, d'Material an den Ënnerhalt am formale Gaart sinn opwänneg a soumat oft zimmlech deier.

GROUSSEN ZÄITOPWAND



All Spontanvegetatioun muss ewechgemaach ginn, well se feel op der Plaz wierkt a sech mat de kloer strukturéierte Formen a Linne bässt.

INTENSIV FLEEG



Den Asaz vu Pestiziden ass quasi onëmgänglech, fir dat uerdentlech Erscheinungsbild an de känschtech wierkenden Zoustand net ze stéieren.

DOUDEG



Exotesch Zierplanzen oder Steen- a Wueswüste bidden eenheemesche Planzen an Déiere weineg Liewensraum a Fudderquellen.

NATURFERN



Hei gëtt géint amplaz mat der Natur geschafft, sou datt weder de Mensch, nach d'Déieren a Planzen dovunner profitéieren.

ONANGENEEM



Eng doudeg a latzeg Ëmgeigend bitt engem kaum en optesche Reiz a verréngert d'Openhaltsqualitéit.

MÄI GAART VU MUER

GËNSCHTEG



No enger éischter Investitioun fir d'Uleeën (z.B. Bau vun enger Dréschemauer) muss een némme nach weineg Geld an de Gaart investéieren.

GERÉNGEN ZÄITOPWAND



Wéll Gehölzer sinn zum Beispill méi liicht ze fleege wei Schnëtthecken. Mat just e puer Handgréffer am spéiden Hierscht oder Fréijoer ass den Entretien gemaach.

EINFACH FLEEG



D'Natur einfach Natur si loosse! Nützlingen hale Schiedlingen a Schach an och e Wëllkraut (oft pollén- an nektar-spendend Bléieplanz) däerf hei wuessen.

LIEWEG



Ënnerschiddlech Liewensraim bidden der heemescher Déieren- a Planzwelt Plaz fir ze lliewen, Nahrung ze sichen a sech fortzeplanzen.

NATURSCHUTZ



Duerch Reewaassernutzung oder déi richteg Planzewiel zum Beispill gi Waasserressource geschouunt, d'Loftqualitéit erhéicht an d'Natur geschützt.

ANGENEEM



D'Diversitéit u Formen, Faarwen a Liewewiesen steigert d'Ästheetik an d'Loscht, Zäit am Gaart ze verbréngen.



Social Media


D'Gemeng Manternach ass elo och op Instagram ze fannen.
Followed eis énner @gemengmanternach



**Dir sidd op der Sich no engem
Babysitter oder enger Nohëllef
fir är Kanner?
Mir stellen de Kontakt mat de
Jugendlechen hir!**

Wanns du däi Profil op déser Säit wëlls gesinn, da mell dech am Sekretariat vun der Gemeng!

<https://manternach.lu/vie-sociale/social/babysitter-an-nohellef/>



Emma



Alter: 16 Joer

Sproochen: lëtzebuergesch,
deutsch, français

Disponibel: Weekends,
Vakanzen, no Ofsprooch och
un aneren Deeg

Formatioune: "Babysitter"
vun Elisabeth Jeunesse

Charlotte



Alter: 16 Joer

Sproochen: lëtzebuergesch,
deutsch, français

Disponibel: Weekends,
Vakanzen, no Ofsprooch och
un aneren Deeg

Formatioune: "Babysitter"
vun Elisabeth Jeunesse

Céline



Alter: 16 Joer

Sproochen: lëtzebuergesch,
deutsch, français, english

Disponibel: all Dag ausser
Donneschdes

Formatioune: keng speziell
Formatioune mee Erfarung an
der Praxis

Laura



Alter: 20 Joer

Sproochen: lëtzebuergesch,
deutsch, français, english

Disponibel: all Dag ausser
Donneschdes owes

Formatioune: Babysitter-
Cours + Stage am Centre de
Compétences

Erinnerung an alle Hundebesitzer

Rappel aux propriétaires de chien(s)

La loi du 9 mai 2008 sur les chiens, entrée en vigueur le 1^{er} juin 2008, prévoit e.a. la **déclaration de tous les chiens auprès de l'administration communale**.



Madame Véronique Thewes
Tél. 71 01 72 – 21
Fax: 71 08 16

A Lors de la déclaration du chien, le détenteur doit remettre:

1. un certificat du vétérinaire qui atteste la race, l'identification électronique du chien ainsi que sa vaccination antirabique en cours de validité;
2. un certificat d'assurance d'une compagnie d'assurance (autorisée à opérer au G-D de Luxembourg), garantissant la responsabilité civile pour les dommages éventuels causés aux tiers par l'animal.

En présentant ces documents à l'administration communale, le détenteur du chien recevra un récépissé.

B La déclaration des chiens susceptibles d'être dangereux* se fait en 2 étapes:

1. la déclaration comme décrite ci-dessus;
2. au plus tard 18 mois après la naissance du chien, il faut remettre à l'administration communale:
 - le diplôme de réussite à des cours de dressage;
 - le certificat de castration du vétérinaire;
 - le certificat de cours de formation du détenteur.

En présentant ces documents à l'administration communale, le détenteur du chien recevra un récépissé.

Finalement nous tenons à attirer l'attention sur le fait que l'enlèvement des crottes de chiens est une obligation légale. Selon l'article 52 du règlement de police de la Commune de Manternach, les propriétaires ou gardiens de chiens doivent éviter que ceux-ci ne salissent par leurs excréments les trottoirs, les voies et places faisant partie d'une zone résidentielle, les aires de jeux et les aires de verdure publiques.

Bei der Anmeldung der Hunde muss jeder Hundehalter folgende Papiere hinterlegen:

1. Bescheinigung vom Tierarzt mit Angabe der Identifizierungsnummer sowie Angaben zur Tollwutimpfung;
2. ein Versicherungszertifikat einer in Luxemburg tätigen Versicherungsgesellschaft welche eine Haftpflicht bestätigt, sollte Ihr Hund Drittpersonen eventuelle Schaden zufügen.

Beim Vorlegen dieser Dokumente wird dem Hundehalter eine Bescheinigung ausgestellt.

B Die Anmeldung der als gefährlich eingestufter Hunde* erfolgt in 2 Etappen:

1. die Anmeldung wie oben beschrieben;
2. spätestens 18 Monate nach der Geburt des Hundes müssen folgende Dokumente bei der Gemeindeverwaltung eingereicht werden:
 - offizieller Diplom einer bestanden Dressurprüfung;
 - tierärztliche Bescheinigung der Kastration;
 - Bescheinigung eines Ausbildungskurses des Hundehalters.

Beim Vorlegen dieser Dokumente wird dem Hundehalter eine Bescheinigung ausgestellt.

Ausserdem möchten wir alle Hundehalter darauf hinweisen, dass sie gesetzlich verpflichtet sind, den Hundekot zu beseitigen. Gemäß Artikel 52 der Allgemeinen Polizeiverordnung der Gemeinde Manternach, müssen Hundehalter und Hundesitter vermeiden, dass die Hunde mit ihren Ausscheidungen die Gehwege, Straßen und Plätze in Wohngebieten, Spielplätze und öffentliche Grünflächen verschmutzen.

* Staffordshire bull terrier, Mastiff, American Staffordshire terrier, Tosa...



Wie wäre es, wenn die Wärmepumpe Ihnen ... eine effiziente und umweltfreundliche Lösung für die Beheizung Ihrer Wohnung bieten würde?

In einer Zeit, in der der Fokus auf nachhaltigen Lösungen liegt, gewinnen Wärmepumpen zunehmend an Bedeutung. Diese bewährte Technologie bietet nicht nur eine effiziente Möglichkeit zur Beheizung von Gebäuden, sondern ist auch eine vielversprechende Alternative, um die Umweltauswirkungen zu minimieren.

